N° 4020
Reçue le 07.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

No/réf : 5780 /mar
Affaire suivie par Maryse Fisch
Tel : 2478 5825

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
Luxembourg

Luxembourg, le - 7 MAI 2021

**Concerne : Question parlementaire no 4020 des honorables députés Monsieur Jeff Engelen et Monsieur Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse du Ministère de l'Egalité entre les femmes et les hommes à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes salutations distinguées.

Taina Bofferding
Ministre de l'Egalité entre les femmes et les hommes



6A, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85806
Fax (+352) 24 18 86

Adresse postale
L-2921 Luxembourg

info@mega.public.lu
www.mega.public.lu

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, Taina Bofferding, op d' Fro n°4020 vun den honorabelen Deputéierten Jeff Engelen a Fernand Kartheiser zum Sujet "Stéréotypes de genre"**

Eng vun den Aufgabe vum Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer (MEGA) leien an der Opléisung vu bestoenden Ongläichheeten respektiv an der Promotioun vum Gläichstellungsprinzip an alle Beräicher vun eiser Gesellschaft.

Deementspriechend ass och d' Bekämpfung vun de Stereotypen a Viruerteeler eng vun de Prioritéiten aus dem Plan d'action national pour une égalité entre les femmes et les hommes[1] : Stereotypen si ganz villfälteg a bezéien sech op déi bestoend Liewensrealitéiten vu Fraen a Männer.[2]

Bei den Aktivitéiten vum Glaïchstellungsministère ginn alldeeglech a berufflech Stereotype gläicher Moossen opgegraff fir mat de Jonken iwwert hir eege Virstellungen ze schwätzen an och wéi si vun de Medien an hirer Approche beaflosst ginn. D' Zil ass et hei ganz kloer, ze weisen, datt all Beruff an all Hobby ka vun all Mënsch ausgeübt ginn, onofhängeg vun sengem Geschlecht.

Als oppen an tolerant Gesellschaft, ass et wichteg d' Mënschen an hirer Individualitéit ze respektéieren an ze akzeptéieren, och wa si net dem binäre Geschlecht u gehéieren. Säit 2015 assuréiert de Familljeministère d'Coordination politique en faveur des personnes LGBTIQ.

D' Regierung huet an deem Kontext och e « Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes lesbiennes, gays, bisexuelles, transgenres et intersexes » ugeholl.[3]

De MEGA huet eng ganz Partie Instrumenter a Material entwéckelt, déi net nëmmen eng Hëllefstellung bidden, fir mat de Jonke ganz oppen iwwert d' Thema vun der Egalitéit ze schwätzen, mee si och an der Entwécklung vun hire Kompetenzen an hiren Interessen ze ënnerstëtzen.

Sou fokusséieren sech eis Pixi-Bicher an d' Broschür  inhaltlech op verschidden Aspekter vun der Gläichstellungsthematik a férderen gläichzäiteg och Kompetenz wéi d'Liesverständnis an d'Héierverständnis.

---

[1] https://mega.public.lu/fr/publications/publications-ministere/2020/plan-d-action-national-egalite.html

[2] De MEGA huet 2019 an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg eng Etüd veréffentlecht, déi d'Grënn an d'Facteure analyséiert, déi zu der Konstruktioun vu Stereotyppe bei deene Jonke féieren. https://mega.public.lu/dam-assets/fr/societe/letzstereotype18/Letzstereotype18-Abschlussbericht.pdf

[3] https://mfamigr.gouvernement.lu/dam-assets/publications/plan-strategie/lgbti/PAN-LGBTI.pdf

Genee esou gëtt och déi tësche mënschlech Verbindung tëscht Elteren / Enseignant-e-n / Éducatricen an Éducateuren gestäerkt, well soit duerch t d' Virliesen soit duerch d' Matenee schwätzen, déi sozial Entwécklung vun de Kanner ënnerstëtzt.

Nieft de kognitive Kompetenzen, ginn och sougenannte „soft skills" trainéiert.

Och eis kuerz Videoen reflektéieren eng ganz Rei Stereotypen aus dem Alldags- a Beruffsliewen. Och hei ass et d' Zil op eng partizipativ Manéier mat de Jonken an d' Gespréich ze kommen a hinnen hiert kritescht Denken ze fërderen, sech mam Thema selbststänneg auserneen ze setzen.

An den Atelieren spillen déi uewegenannt Outilen eng zentral Roll fir déi Jonken altersgerecht an op eng spilleresch Manéier un d' Thema vun der Egalitéit erunzeféieren. Heibäi setze mir ganz kloer op d' Partizipatioun vun deene Jonken, zum Beispill d' Fro ob et e Beruff gëtt, dee just vu Fraen oder just Männer kann ausgeübt ginn.

D' Material, dat den Elteren an dem edukative Personal zur Verfügung gestallt gëtt, baséiert op enger aktiver Participatioun vun de Jonken an den Erwuessenen. Béid Deeler spillen eng zentral Roll, wann et em d' Vermëttelung vu Kompetenzen an Inhalter geet.

D' Inhalter souwéi weidert Material zum Thema Educatioun an Egalitéit, sinn um Site www.rockmega.lu erëm ze fannen.

Ech wëll nach emol betounen, datt et net dorëms geet, d' Mënschen all "gläich ze maachen". D' Mënschen sinn net gläich, awer gläichwäerteg. Si hu gläich Rechter an si virum Gesetz gläich. Dëse Gläichstellungsprinzip ass an eiser Verfassung fest verankert an et gëllt dëse Prinzip an alle gesellschaftleche Niveauen ëmsetzen an ze liewen.

Gläichstellung vun de Geschlechter, sozial Gerechtegkeet, Gewalt Fräiheet an Selbstbestëmmung – dat si fir mech d' Grondvirraussetzungen an enger fräiheetlecher Gesellschaft.

Dofir ass et wichteg bei deene Jonken unzesetzen. Rollebiller, Stereotypen a rigide Klischeeën déi sech op Geschlechter bezéien, däerfen op kee Fall Verwierklechung vum volle Potential bei Meedercher a Jongen hemmen.

Ech well an deem Kontext op ee ganz wichtege Punkt aus dem aktuelle Regierungsprogramm verweisen an dem ët heescht:

« Il sera veillé à favoriser la mixité et l'égalité des genres, ainsi qu'à prévenir les comportements sexistes et harcèlements sexuels. L'éducation à l'égalité des genres sera intégrée dans l'ensemble des différents ordres d'enseignement et de formation afin de toucher tous les acteurs concernés. »

Hei gëtt ganz kloer ervirgestrach dass zu enger moderner Educatioun, an däer Kär Kompetenzen un trainéiert ginn, och d' Vermëttelung vu Wäerter, Rechter a Flichten, an domat och de Respekt vun der Egalitéit tëschent Geschlechter gehéiert.

Egalitéit a Sozialisatioun fänken net eréischt un, wann ee mat studéieren ufänkt oder an d' Beruffsliewe geet mee scho virdrun an der Schoul, am Frëndeskrees an natierlech och doheem bei Elteren a Famill.

D' Elteren an d' Ëmfeld vun engem Kand spille bei der Sozialisatioun eng genee esou grouss Roll wéi d' Schoul, de Sport oder d' Kultur. Deemno stinn hei eng ganz Rei Facteuren komplementär zoueneen an ënnerstëtzen d' Entwécklung vun engem Mënsch.

- Doriwwer eraus beseet den Artikel 23 vun der Konstitutioun, datt all Kand e Recht op Bildung huet an domat och de Staat seng Verantwortung ze droen huet, eng adäquat Bildung fir jiddereen ze garantéieren. Ënner adäquater Bildung versteet d' Regierung, datt: All Kand déi selwecht Chancen vum Liewensufank un huet
- All Kand eng qualitativ héichwäerteg Educatioun offréiert kritt
- All Kand d' Méiglechkeet gebuede kritt, seng individuell Fäegkeeten ze entwéckelen.